N°553
Entrée le 29.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.03.2024 Chambre
des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.**

An der Kommissiounssëtzung vum 25te Mäerz huet de Premier wësse gedoen, dass hien de Projet de loi 6961, bei deem et ëm Sécherheetsfräigaben an d'ANS sollt goen, wäert zréckzéien. An der Fro n°8193 hunn d'Piraten scho Froe gestallt zum Projet 6961 an dem Zoustand an de Prozedure virum Vott vun dësem Projet de loi. De Besoin fir eng Gesetzesännerung besteet weiderhin, wéi een och am Exposé des motifs vun 2016 noliese kann:

> "Le Luxembourg est souvent critiqué par l'UE et par l'OTAN pour un manque de règles législatives et réglementaires claires. Les responsabilités des différentes administrations actives dans le domaine des communications (SRE/ANS, HCPN, CERT et CTIE) ne sont pas clairement définies au goût des organisations internationales alors que ces dernières sont propriétaires juridiques des informations qu'elles confient aux interlocuteurs luxembourgeois."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ass d'Autorité nationale de sécurité nach ëmmer responsabel, fir d'Sécherheetsenquêten am Kader vun den Habilitatiounsprozeduren auszeféieren?

2. Hunn d'Enquêteurë nach ëmmer vum SRE am Kader vun den Sécherheetsenquête integralen Zougang zu de Protokoller an de verschidde Berichter vun den repressiven Verwaltungen oder de Protokoller a Berichter vum Procureur d'État? Wann jo, huet sech un der Base légale zanter der Fro n°8193 (August 2023) eppes geännert?

3. Hunn d'Enquêteurë Stand haut Zougang zu den Informatiounen iwwer d'Behuelen an dem Entourage vum Bewerber (an ob dës strofrechtlech relevant sinn oder net) an ob se verurteelt goufen?
    1. Wann jo, huet sech un der Base légale zanter der Fro n°8193 (August 2023) eppes geännert?Muss all Persoun am Entourage säin Accord ginn, fir datt dës Informatiounen vum SRE am Kader vun enger Sécherheetsenquête bewert kënne ginn?

4. Hunn d'Enquêteuren Zougang zu allen Informatiounen, déi zu enger Verurteelungen, Fräispriechungen, Entloossungen oder d'Rehabilitatioun gefouert hunn, esou wei den Auteur vun

den parlamentareschen Amendementer vum 25.04.2023 dat vir néideg hällt ?
Wann jo, huet sech un der Base légale zanter der Fro n°8193 (August 2023) eppes geännert?

5. Wat ass den aktuellen Prozentsaz vu gültegen Habilitatiounen vu Mataarbechter vum Geheimdéngscht, déi op enger Enquête (initiale oder renouvellement) berouen, wou den Enquêteur accès zu den integralen Procès verbaux an de Rapporten vun der Police hat?

6. Wat ass den aktuellen Prozentsaz vu gültegen Habilitatiounen vu Mataarbechter vum Geheimdéngscht, déi op eng Enquête (initiale oder renouvellement) berouen, wou den Enquêteur accès zu den integralen Procès verbaux an de Rapporten vun der Justice hat?

7. Wat ass den aktuellen Prozentsaz vu gültegen Habilitatiounen vu Mataarbechter vum Geheimdéngscht, déi op eng Enquête (initiale oder renouvellement) berouen, wou den Enquêteur accès zu den integralen procès verbaux an de Rapporten vun der Douane hat?

8. Wat ass den aktuellen Prozentsaz vu gültegen Habilitatiounen vu Mataarbechter vum Geheimdéngscht, déi op eng Enquête (initiale oder renouvellement) berouen, wou den Enquêteur accès zu den integralen Procès verbaux an Rapporten vun der Administration de l'environnement hat?

9. Wat ass den aktuellen Prozentsaz vu gültegen Habilitatiounen vu Mataarbechter vum Geheimdéngscht, déi op eng Enquête (initiale oder renouvellement) berouen, wou den Enquêteur accès zu dem integralen Dossier personnel vum Demandeur hat?

10. Wéi soll et elo an dësem Dossier weider goen? Wéini ass mat engem neie Gesetzestext ze rechnen?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°553
Entrée le 09.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n° 553 vum 29. Mäerz 2024 vum honorabelen Deputéierten Ben Polidori.**

Den Artikel 43quinquies (6) alinéa 3 vum Policegesetz vum 18. Juli 2018, inseréiert duerch den Artikel 3 vum Gesetz vum 29. Juli 2023 iwwert d'Datebanke vun der Police, reegelt säit dem 1. Mäerz 2024 den direkten Accès vun der ANS op d'partie active vum fichier central ënnert de Conditioune vum Paragraf (7).

De legale Kader, d'Missiounen an d'Accèsen op Informatioune vun der ANS hu fir de Rescht zënter der detailléierter Äntwert vum 16. August 2023 op d'Fro 8193, op déi d'Regierung dann hei och verweist, net geännert.

Wéi an der Seance vum 25. Mäerz 2024 vun der Institutiounekommissioun vun der Chamber erkläert, hunn ech d'Intentioun fir virun Enn des Joers en iwwerschafftenen Projet ze deposéieren.

Lëtzebuerg, den 9. Abrëll 2024.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN